N° 6808
Entrée le 09.09.2022
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 12.09.2022

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 9. September 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Arméiminister an den Här Bausseminister weiderzeleeden.

De 7. September war an der Washington Post ze liesen, datt den Här Generol Zaluzhny, Chef vum ukraineschen Etat-Major, de Risiko, datt déi féierend global Militärmuechten direkt an eng bewaffent nuklear Ausernanersetzung an domat en 3. Weltkrich an der Ukrain materagezu ginn, net méi weider ausschléisse wëll.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung hir allgemeng Positioun zu der Ausso vum héijen ukraineschen Offizéier elaboréieren?
2) Kann d'Regierung matdeelen, ob si an dësem ëmmer méi immanente Risiko vun engem Nuklearkrich eng Ursaach gesäit, fir hir aktuell Politik ze iwwerdenken an och kuerzfristeg op eng diplomatesch Léisung tëschent Russland an der Ukrain hinzeschaffen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Gemeinsam Äntwert vum Här Premierminister, Staatsminister, vum Här Aussen- an Europaminister a vum Här Verdeedegungsminister op d'parlamentaresch Fro n°6808 vum 9. September 2022 vum honorabelen Deputéierte Fernand KARTHEISER

Ad 1)

Et handelt sech an dësem Fall em d'Meenung vun engem ukraineschen Offizéier, déi nëmmen hien engagéiert an déi d'Regierung net kommentéiert.

Ad 2)

D'Positioun vun der Regierung ass grondsätzlech ëmmer fir friddlech Léisungen ze fannen an z'ënnerstëtzen. Russland, dat dëse Krich ausgeléist huet, ass leider nach ëmmer net bereet ze verhandelen an all militäresch Aggressiounen anzestellen.

Lëtzebuerg, den 29. September 2022

De Premierminister, Staatsminister

(s.) Xavier BETTEL